PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/09/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Digitalisatioun weiderzeleeden.**

Mir ass zougedroe ginn, dass et eng Fuite u perséinlechen Donnéeë beim ILR gouf, woubäi d'Donnéeë vu Clientë beim Stroum op enger ëffentlecher Plattform accessibel waren. Am Bréif réit den ILR zur Virsiicht, falls Clientë sollten Dokumenter vun hirem Stroumfournisseur kréien. D'Leit solle sécherstellen, dass et wierklech hire Fournisseur ass, deen si kontaktéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen si vun dëser Fuite betraff?
2. Wéi eng Moossname goufe beim ILR ënnerholl, fir dass et an Zukunft net méi zu "erreurs de manipulation interne" ka kommen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten